



Rapport a Conclusiounen vun der 37. Weltkonferenz vu WAGGGS (Online)

A. GENERELL INTRO

Déi 37. Weltkonferenz vu WAGGGS war vum 27-31 Juli 2021 Online. Hei sinn wichteg Entscheedungen fir Zukunft vum Mouvement getraff ginn. An dësem Rapport fannt dir all Resolutiounen a Amendementer déi op der Konferenz gestëmmt goufen, sou wei och den Compass 2032, Cotisatioun fir Joer 2022-2023, wéieng Länner nei/oder net méi Member bei WAGGGS sinn, wou déi nächst Weltkonferenz oofgehalen gëtt, an déi nei Memberen vum Welt Comité. Op dëser digitaler Konferenz waren mir Vertrueden duerch Coline Grimé a Jennifer Adami als Delegatioun vun den LGS.

B. WRITTEN RESOLUTIONS

Virun der eigentlecher Weltkonferenz goufen vir éischt iwwert sougenannten Written Resolutions ofgestëmmt. Hei sinn am Virfeld dräi Dokumenter zirkuléiert : Compass 2032, Membership Fee Policy 2022-2023 a Membership proposals. Et hat een 1 Mount Zäit fir per App iwwert dës oofzestëmmen.

1. Compass 2032

Den Compass 2032 ass déi nei 12 Joers Visioun vir WAGGGS. Et ass keen Aktioun – oder Strategieplang mee et ass dofir geduecht fir déi verschidden Member Organizations (MOs) ze inspiréieren an op ee gemeinsamen Wee ze bréngen. Dësen Compass 2032 ass entstanen duerch eng Resolutioun déi op der 36 Weltkonferenz gestëmmt gouf (Motion 32), déi als Zil huet méi jonk Frae a Meedercher an Leedungspositiounen ze gesinn. Duerfir ass während 2 Joer eng Ëmmfro gelaaf, wou Jonk Fraen a Meedercher gefroot goufen wat muss an der Welt geännert ginn fir dat dëst Zil kann ertreecht ginn. Hei hunn Guiden aus iwwer 100 Länner aus allen WAGGGS Regiounen drun deelgeholl.





Lëtzebuenger
Guiden a Scouten
International Ekipp

Déi gréissten Problemer wou Meedercher a Jonk Frae gären bis 2032 geléist hätten sin :

- Méi Nohaltegkeet
- Gläichberechtegung, virun allem Geschlechter – a sozial-ekonomeschgläichberechtegung
- Méi Fridden a Sécherheet

Duerfir huet WAGGGS folgend Visioun fir d'Welt : Our vision is an equal world where all girls can thrive.

An Visioun fir de Mouvement : By 2032 we will be a girl-led Movement where every and any girl feels confident to lead and empowered to create a better world together.

D'Haaptideen vum Compass 2032 sinn :


- An Equal World :
 - Eng Welt wou jiddereen déi gläich Chancen huet an nämlecht behandelt an Ënnerstëtzt gëtt. Wann Meedercher a Jonk Fraen während der Ëmmfro gefroot goufen wat sie gären an Zukunft wéilten verberesseren dann wär déi meeche genannter Äentwert : Gläichheet. Fir zu enger gerechter Welt bäizedroen, muss de Mouvement op allen Levelen duerfir suergen. De Mouvement gëtt dozou mobiliséiert fir fir Fairness an eisen Gesellschaften ze suergen, sech fir déi gläich Rechter anzesetzen, an sech géint Ongerechtegkeeten an eisen Communautéiten anzesetzen. WAGGGS wëll heifir hier Formatiounen notzen fir op dës Themen opmierksam ze machen an der Léisung méi no ze kommen
- A Girl-Led Movement





- Ee Mouvement vun a fir Meedercher a jonk Fraen. E 'Girl-Led Mouvement' ass e Mouvement wou Leedung tëschend Generatiounen opgedeelt ass, a wou Fraen allen Alters eng Platz hunn fir Leadership ze weisen an kënnen wichteg Decisiounen ze huelen, souwuel op nationalem wéi och op internationalem Niveau. WAGGGS well weiderhinn dodrun schaffen dass sie bis 2032 ee girl-led movement sinn.
- Every and any girl
 - D'Guiden sollen fir all Meedchen an all jonk Fra eng Platz sinn wou sie sech wuel a sécher fillen kënnen sollen, wou een kann seng Identitéit fannen, a wou ee soll Opportunitéite kréien fir kënnen weider ze wuessen. Hei leet WAGGGS de Fokus dorop fir ze verstoen wourun et läit dat net jiddereen den gläichen Acces huet fir kënnen an sengem Land an Guiden ze goen.
- Feels confident to lead
 - WAGGGS wëll Meedercher a jonk Fraen dozou encouragéieren dass sie, egal wéi aal een ass, selwer kënnen leeden, a verschidden Wëer fannen wéi sie kënnen an hierem alldeeglechen Liewen an an hieren Gesellschaft eng Leedungspositioun anhuelen. An och dozou encouragéieren alles dat wat een an de Guiden léiert och am alldeeglechen Liewen ëmmzesetzen.
- Empowered to create a better world together

According to the 2021 Compass 2032 consultations, the top ten ways we can be a girl-led Movement are:





Lëtzebuurger
Guiden a Scouten
International Ekip

- Guiden kënnen léieren leadership ze deelen an zesammen ze schaffen fir eng Ännerung ze bewierken. D'Welt brauch Meedercher a Fraen a Leedungspositiounen déi Wëer fannen fir dëst eng besser Welt ze machen.



*Four conversations centre on our purpose and impact.
Two are critical enablers needed to support our work and provide a strong foundation to everything we do.*

Während den Compass 2032 erstellt gouf, sinn 6 verschidden Themen opgekomm déi méi oder manner relevant sinn fir déi verschidden MOs. Dës 6 Themen sinn Challenges iwwert déi ee muss nodenken, schwätzen an agéieren, domat de Mouvement Ziler vum Compass 2032 kann erreechen.





☑ Resultat vum Vote : 117 dofir, 2 dogéint, 2 Enthaltungen.
LGS hunn dofir gestëmmt

MOTION PASSED

Méi genee Deatiler sinn an der Annexe « **Guide to Compass 2032** » ze fannen

2. **Membership Fee Policy for 2022-2023**

All Joers muss iwwert Cotisatioun oofgestëmmt ginn déi all MOs bezillt, fir kënnen Member bei WAGGGS ze sinn.

- Cotisatioun gëtt nämlecht gerechent wei och am Triennium 2018-2020
- Den Standar Präis pro Member bléiwt bei 40 GBP pence (0.40 £)
- All Land gëtt an eng Klass vun A-J agedeelt, déi nom Wuelstand vum Land klasséiert ginn. Lëtzebuerg gehéiert zur Klass J (déi héichsten) an muss 10% surcharge bezuelen fir méi aerm Länner ze ënnerstëtzen.

Resultat vum Vote : 109 dofir, 6 dogéint, 4 Enthaltungen.
LGS hunn dofir gestëmmt.

MOTION PASSED

Méi genee Deatiler sinn an der Annexe « **Membership Fee Policy** » ze fannen

3. **Membership Proposals**

- Les Scouts Musulmans d'Algerie hunn eng Kandidatur gestallt fir Full Member bei WAGGGS ze ginn.
☑ Resultat vum Vote : 114 dofir, 1 dogéint, 6 Enthaltungen.
LGS hunn dofir gestëmmt
- Association of Girl Guides of Lithuania soll net mei Member bei WAGGGS sinn. Grond : Cotisatioun ass säit 2009 net méi bezuelt ginn, sie sinn puer mol vu WAGGGS kontktéiert ginn fir eng Léisung ze fannen a fir Formatiounen unzebidden mee et ass nie eng Aentwert zrëck komm, Bréifer sinn net ukomm an E-Mail Adress vum IC ass net mei aktiv. ☑ Resultat vum Vote : 97 dofir, 11 dogéint, 13 Enthaltungen.
LGS hunn dofir gestëmmt

MOTION PASSED

Méi genee Deatiler sinn an der Annexe **Membership Proposals** ze fannen





C. RESOLUTIONEN

Déi folgend Resolutiounen goufe wärend der 37. WAGGGS Weltkonferenz gestëmmt, a gin an den nächsten 6 Joer an doriwwer eraus implementéiert. Méi Détailler an den « **Annexen Resolutiounen & Amendementer WOCO 2021** » an « **Record of Decisions WOCO 2021.** »

- Motion 2 :
 - Den Weltcomité muss opmannst 2 Memberen ënner 30 Joer hunn.
- Motion 3 :
 - All regionale Comité muss opmannst 2 Memberen ënner 30 Joer hunn.
- Motion 5 :
 - Et ginn changementer an den Statuten geholl, domat een an Zukunft och kann oofstëmme wann een net physesch op der Konferenz kann sinn. I.e : Online deelhuele kann
- Motion 7 :
 - Et ginn verschidden kléng ännerungen an den Stauten gemach, domat fir méi Verständlechkeet gesuergt gëtt an Onkloerheeten gestrach ginn.
- Motion 8 :
 - The following sub-clause is added to Bye-Law VII - Policies and procedures: 7.2 Decisions resulting in long-term strategic policies and procedures which impact Member Organisations require a participatory Member Organisation consultation process. This consultation process must include a written announcement sent in advance to all Member Organisations clearly stating the scope, objectives and timeline of the process.
- Motion 9 :
 - Et ginn ännerungen an den WAGGGS Statuten gemach, falls keng Konferenz an engem Triennium stattfannen kann, dat Comité Memberen soulang hier Charge (wann sied at wëllen) behalen sollen bis nees eng Konferenz ka stattfannen.
- Motion 10 :
 - Weltkonferenz stëmmt zou, dat de Welcomité kléng Changement un den Texter vun de Statuten kann machen, en vue vun den op der 37. WAGGGS Weltkonferenz oofgestëmmten Resolutiounen.
- Motion 11 :
 - Weltkonferenz recommendéiert, dat WAGGGS mat MOs zesummeschafft déi schon erfollegräich jonk Fraen an hier Decisiouns Prozesser mat abannen, fir mat dësen MOs ee Curriculum/Programm/Formatiounen auszeschaffen.





- Weltkonferenz recommendéiert, dat WAGGGS regelmässeg erfollegräich Geschichten matdeelt wou jonk Fraen eng Leedungsroll hunn.
- Motion 12 :
 - Et soll eng Formatioun fir all neie WAGGGS Volunteer an Staff ugebueden ginn iwwer youth leadership an engagement.
- Motion 13 :
 - Et soll ee pre-Weltkonferenz Event organiséiert ginn fir jonk Fraen ënner 30. Dëst als Preparatioun op d'Haaptevent.
 - Dëst soll dofir suergen, dat méi jonk Fraen mat agebonnen ginn an eng Platz kréien fir hier Meenung ze soen.
- Motioun 14 :
 - Et soll ee pre-Event fir all Regional Konferenz fir Fraen ënner 30 ugebueden ginn. Dëst als Preparatioun op d'Haaptevent.
 - Dëst soll dofir suergen, dat méi jonk Fraen mat agebonnen ginn an eng Platz kréien fir hier Meenung ze soen.
- Motion 15 :
 - Fir Memberen fir den Welt – a Regionalcomité ze ernennen sollen folgend Procedure adaptéiert ginn :
 - Et soll op allen Kommunikatiounsplattformen gepost ginn. Dëst fir den Austausch tëschend MOs op nationalem an internationalem niveau ze erhéischen.
 - Op mannst 1 Mount virdrun virtuell Espacen an allen WAGGGS Sprochen kreéieren, wou interesséiert MOs kënnen froen stellen iwwert déi genee Roll an Verpflichtungen déi een als Comités Member huet.
 - Eng Procedure mat MOs entwéckelen duerch déi Jonk Fraen kënnen Feedback ginn, an domat WAGGGS an den MOs hëllefere rauszefannen wat verhënnert fir dat Jonk Fraen sech opsätzen an wéi een dëst kann verbesseren.
- Motion 16 :
 - Et soll een Arbeschtsgrupp gegrënnt ginn, den ee Framework an een Toolkit kreeiere soll.
 - Framework soll Prinzipien vun WAGGGS an Haaptziler groupéieren. Dëst soll et méi kloer machen watfiren Impakt déi eenzel MOs kënnen hunn wann sie dës Ziler an hieren nationalen Programma mat abauen.
 - Et soll een Toolkit entwéckelt ginn dat dëst vereinfacht.
- Motion 17 :
 - Et soll een Espace gegrënnt ginn, den erméiglecht dat MOs sech kënnen iwwert Formatiounen a Programmer austauschen.





- Motion 18:
 - WAGGGS Ressourcen sollen mat Zäiten zirkuléieren, domat se kënnen an aaner Sprochen wéi déi 4 offiziell WAGGGS Sprochen iwwersaat ginn.
- Motion 19:
 - Wann eng extern Invitatioun kënnt, an WAGGGS selwer net Ressourcen a Kapaizéit huet fir deelzehuelen, MOs gefroot ginn fir WAGGGS ze representéieren.
 - MOs verpflichten sech dozou sech selwer drëmms ze këmmen fir sech unzemellen, sie sech selwer och representéieren an dat sie een ausführlechen Rapport nom Event un WAGGGS mussen schécken.
- Motion 20:
 - Dat WAGGGS méi visibel gëtt an besser Rapporten mécht iwwert den WAGGGS Strategie Plang, de Budget an dat de Rapport Informatiounen enthält iwwert déi aktuell finanziell Situatioun an iwwert HR vu WAGGGS.
- Motion 21:
 - WAGGGS soll sech als ee vun den Haaptakteure fir de Fridden positionéieren, an eng aktiv Roll spille bei der Ëmsetzung vun der Jugend, Fridden a Sécherheet Agenda vun de Vereenten Natiounen.
- Motion 22:
 - WAGGGS soll richtlinnen entwéckelen fir eng besser Kommunikatioun, Engagement a Konsultatiounen mat den MOs.
 - Et sollen och méi regelmäseg Updated mat den MOs kommunizéiert ginn.
- Motion 23:
 - Wann ee Posten am Weltcomité frei gëtt soll dësen an opmannst 5 Méint nees besat sinn.
- Motion 24:
 - Et soll een Arbeschtsgrupp gegrennt ginn den folgend Arbescht huet:
 - Wisou verschidden MOs net kënnen physesch un Weltkonferenzen deelhuele. Den Arbeschtsgrupp kann eng Lëscht zesummenstellen wou déi verschidden criteren opgelëscht ginn déi duerfir suergen kéinten dat eng MO net kann deelhuele.
 - Wat Schwieregkeeten sinn fir eng net physesch Weltkonferenz ze organiséieren.
 - Wat virdeeler sinn vun verschiddenen Konferenz Formater
 - Konkret Propositione ausschaffen fir Barrieren ze iwwerkommen déi MOs dodrunn hënneren fir kënnen op enger Weltkonferenz deelzehuelen
- Motion 25:





- Et sollen virun der Konferenz virtuell Eventer organiséiert ginn, bei denen ee kann Kandidaten fir den Weltcomité kennen léieren an hinnen Froen stellen kann.

D. WAHL VUM NEIEN WAGGGS WELTCOMITÉ

Während der 37 WAGGGS Weltkonferenz hunn MOs fir 6 néi Comitésmemberen oofgestëmmt. Den néien Weltcomité ass och während der Konferenz zesummenkomm fir Chair an Vice-Chair bis 2023 ze wielen.

Vun den 14 Kandidatinnen, goufen folgend 6 Kandidaten fir den néien Weltcomité gewielt :

- Jess Bond, UK
- Fiona Bradley, New Zeeland
- Chamathya Fernando, Sri Lanka
- Candela Gonzalez, Argentinien ☑ Vice-chair
- Debra Nakatomi, USA
- Christiane Rouhana, Lebanon

Folgend Kandidaten bléiwen nach am Weltcomité an goufen während der 36 Weltkonferenz gewielt :

- Katerina Agorogianni
- Normala Baharudin
- Tashia Batstone
- Heidi Jokinen ☑ Chair
- Ntombizine Madyibi
- Jayne Wachira ☑ Vice-chair

Méi genee Deatiler iwwert Kandidaten sinn an der Annexe « **Election Booklet** » ze fannen

E. NÄCHST WELTKONFERENZ

Et haten 4 Länner hier Kandidatur ginn fir déi nächst Weltkonferenz ze organiséieren : Zypern, Oman, Malaysien an USA.

Zypern huet den Vote gewoennen, an déi 38 WAGGGS Weltkonferenz wärt 2023 an Zypern sinn.





Lëtzebuenger
Guiden a Scouten
International Ekipp

Mat beschten Guidegréiss,

Coline Grimé an Jennifer Adami fir d'International Ekipp vun den LGS

